ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Februar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister an den Här Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

An enger Pressematdeelung vum 5. Februar 2018 kritiséiert de Lëtzebuerger Konsumenteschutz (ULC), datt eng Rei Spideeler hir Parkingstaxen drastesch erhéicht hunn. Krank Mënschen oder Familljememberen, déi reegelméisseg a fir laang Zäit an der Klinik musse sinn, ginn deemno mat héijen Zomme konfrontéiert. Och Leit, déi mat laange Waardezäiten an den Urgencë rechne mussen, si betraff.

Dowéinst wéilt ech den zoustännege Ministeren dës Froe stellen:

1) Ass d'Regierung iwwert dës Präiserhéijunge bei de Parkinge vu verschiddene Spideeler informéiert?
2) Ass d'Regierung net der Meenung, datt een eng Uewergrenz fir d'Parkingstaxen an de Spideeler festleeë misst?
3) Ass d'Regierung gewëllt, dëse Problem am Interessi vun de betraffene Leit ze léisen?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen

Deputéierten